



Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/07/2026

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

An de Kannerbetriebsstrukturen (Crèchen a Maison Relaisen) ginn all Dag dausende Moolzechte fir eng grouss Zuel u Kanner preparéiert oder geliwwert. De Staat finanzéiert dëst zum groussen Deel iwwert den CSA mat. Dobäi stellt sech d'Fro, wéi vill lessen iwwreg bleift a wéi mat dëse Reschter ëmgaange gëtt (Antigaspi).

An deem Zesammenhang wëllt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Existéiert ee Monitoring oder ginn et verbindlech Moossnamen, fir d'Quantitéit u Liewensmëtteloffäll an de Crèchen a Maison Relaisen ze reduzéieren?
2. Wéi vill lessen (kg) a Platen gouf déi lescht 3 Joren an de Maisons relaisen net zerwéiert oder ewechgehäit?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten





**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro
Nr. 4411 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen**

1. Existéiert ee Monitoring oder ginn et verbindlech Moosnamen, fir d'Quantitéit u Liewensmëtteleffäll an de Crèchen a Maison Relais ze reduzéieren?

Vill Gemengen integréieren eng gesond an nohalteg Ernährung an d'Konzept vun hire Services d'éducation et d'accueil (SEA) a leeë besonnesche Wäert op d'Benotze vu regionalen a saisonale Produiten. Initiativen ewéi *Natur généissen*, déi mëttlerweil a ville Gemengen am ganze Land ëmgesat ginn, droen dozou bäi, dës Approche ze ënnerstëtzen, andeems si ënner anerem Krittäre fir den Akaf an d'Preparatioun vu Liewensmëttel festleeën.

An dësem Kontext ginn d'SEA och encouragéiert, d'Liewensmëttelverschwendung ze vermeiden an ze reduzéieren, an déi geltend gesetzlech Bestëmmungen ze respektéieren, notament am Beräich vun der Liewensmëttelhygiène, enger equilibréierter Ernährung, der Liewensmëttelsécherheet an der Offallgestioun.

D'Preventioun an d'Reduktioun vu Liewensmëttelverschwendung sinn an engem europäesche Kader verankert. Um europäeschen Niveau setzt d'Direktiv (EU) 2025/1892 vum Europäesche Parlament a vum Conseil vum 10. September 2025, déi d'Direktiv 2008/98/CE iwwert d'Offäll modifizéiert huet, den EU-Memberstaaten Ziler a Verpflichtungen am Beräich vun der Reduktioun vu Liewensmëttelverschwendung. Si gesäit notament Reduktiounsziler bis 2030 vir, souwéi Bestëmmungen zur Miessung an zum Monitoring vun der Liewensmëttelverschwendung.

Allerdéngs ergëtt sech aus dem aktuellen Kader keng individuell Verpflichtung fir all Bildungs- a Betreuungsstrukturen, seng Liewensmëtteleffäll systematesch ze moossen oder e spezifesch Reporting ze maachen.

Um nationale Plang sinn am Moment de *Plan d'action national pour un système alimentaire durable 2026-2030* (PAN-Alimentation 2026-2030) an de *Plan national de gestion des déchets et des ressources* (PNGDR) wichteg Instrumenter, fir déi Thematik ze adresséieren. De PNGDR setzt d'Ziler an Mesuren am Beräich vun der Preventioun an der Offallgestioun, während de PAN-Alimentation 2026-2030 d'Entwécklung vun engem méi nohaltege Liewensmëttelsystem fërdert. De PAN-Alimentation 2026-2030 gesäit an dësem Zesummenhang notament Mesurë vir, fir d'Liewensmëttelverschwendung ze vermeiden an ze reduzéieren an domat déi Ziler aus der Direktiv (EU) 2025/1892 ze erfëllen. Fir de Secteur vun der non-formaler Bildung ass dobäi notament d'Entwécklung vun engem spezifesch Programm géint d'Liewensmëttelverschwendung virgesinn, deem ënner anerem pädagogesch Modullen an organisatoresch Mesuren ëmfaasse soll.

Et ass awer wichteg, tëschent rechtlech verbindlech Bestëmmungen an den Orientéierungen a politesche Mesuren ze ënnerscheeden, déi an dës Pläng virgesi sinn. De PNGDR an de PAN-Alimentation 2026-2030 definéieren Ziler, Orientéierungen a Mesuren, déi d'Aktiounen vun de verschiddenen Acteuren solle leeden an ënnerstëtzen. D'Adoptioun vun dësen Pläng schafft keng nei

gesetzlech Verpflichtungen, déi direkt fir d'SEA gëllen. Déi verbindlech Verpflichtungen, deenen d'SEA ënnerleien, erginn sech ausschliisslech aus de gesetzleche Bestëmmungen, déi fir si gëllen.

Onofhängeg dovun ginn et haut schonn eng Rei vu Mesurë fir d'SEA an der Lutte géint Liewensmëttelverschwendung, notament an Zesummenaarbecht mam Landwirtschaftsministère. Dës ëmfaassen ënner anerem:

- eng gratis a personaliséiert Formatioun fir d'Kachpersonal vu Maison-relais, fir d'Liewensmëttelverschwendung an der Preparatioun an an der Organisatioun vun de Molzechten ze reduzéieren;
- eng Formatioun fir d'Betreiungspersonal mam Titel *Inclure les encadrants et les enfants en Maison Relais dans un plan de lutte contre le gaspillage*, déi gratis iwwer de Programm FOCO ugebuede gëtt;
- e pädagogesche Kit fir SEA, déi Schoulkanner betreien, fir zesumme mat de Kanner Projeten zum Thema Anti-Gaspillage an der Struktur ze entwéckelen.

Bei der konkreter Ëmsetzung spillen d'Gemengen an d'Gestionnaire vum SEA eng wichteg Roll. Si organiséieren d'Restauratioun an de Strukturen, notament wat d'Produktioun vun de Molzechten, d'Zesummenaarbecht mat externe Prestataire an d'Festleeë vu Krittäre fir den Akaf an d'Veaarbechtung vu Liewensmëttel betrëfft.

2. Wéi vill lessen (kg) a Platen gouf déi lescht 3 Joren an de Maisons relais net zerwéiert oder ewechgehäit?

D'Reduktioun vu Liewensmëtteloffäll ass Bestanddeel vum der Entwécklung vum enger gesonder an nohalteger Restauratioun an den SEA. Déi bestoend Sensibiliséierungs- a Formatiounsmoosse ginn an dësem Sënn weidergefouert an duerch den am PAN Alimentation 2026-2030 virgesinnene Anti-Gaspi-Programm fir d'SEA weiderentwéckelt.

Et gëtt aktuell kee Monitoring-System am Secteur vum SEA, deen eng systematesch Erfassung vun de Liewensmëtteloffäll op nationalem Niveau virgesäit.

Lëtzebuerg, de 7. Oktober 2026

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH